



N°7125
Entrée le 07.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°1259 haten d'Ministere mir Donnéeën geliwwert zur Unzuel un Infraktiounen op verschiddene Plazen hei am Land. Zu Réimech gouf viru kuerzem op Kamera festgehalten, wéi zwee Kläpper eng aner Persoun zesummegeschloen, um Buedem mat Féiss getrëppelt an him seng Wäertsache geklaut hunn. Mir goufen och Zeieberichter vun engem anere Fall zougedroen, an deem Persounen mat Waffen zu Réimech geschoss sollen hunn. Dës Beispiller sinn nëmmen zwee vu villen, déi op verschiddene Plazen hei am Land all Dag stattfannen.

D'Situatioun am Land schéngt sech allgemeng net ze berouegen. De Rekrutement vu méi Polizisten soll d'Schlagkraaft vun der ëffentlecher Hand verstärken, fir dass de Rechtsstaat weiderhi beschtméiglech funktionell bleift. Ob dat awer duer geet, bleift ofzewaarden.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung den nämmelechen Tableau virleeën, wéi an der Äntwert op d'Fro n°1259, dëst fir d'Joren 2019 bis 2022 fir d'Gemengen Réimech, Esch/Uelzecht, Lëtzebuerg (Stater Gare eenzel), Déifferdeng, Péiteng, Dikrech, Ettelbréck a Woltz?
2. Huet d'Justiz Donnéeën iwwert d'Widderhuelungstäter bei Infraktiounen wéi Déifstall, Iwwerfall an Uwendung vu Gewalt? Aneschtens gefrot, a wéi ville Fäll hu scho verurteelt Persounen an deene leschten 10 Joer op mannst eng Recidive fir Déifstall, Iwwerfall a Gewalt begaangen?
3. Hunn d'Ministere Kenntnis dovunner, ob zu Réimech an de leschte Méint Fäll vun illegale Waffengebrauch passéiert sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu